



Section de Compétition



Fotoen vum Fernand op dësem Link

<https://photos.app.goo.gl/C8RbaPirAYKPy4K2A>

Bericht vun der WM an Portugal 2018



Dëst Joer huet Weltmeeschterschaft vun den Natiounen stattfonnt zu Montemor o Velho an Portugal. Gefëscht ginn ass am lokalen Ruderkanal. Ziel Fësch sollt no Informatiounen virum Evenement den Mulet, bekannt als Mieräsch, an och den Bärw sinn. Awer och vun Katzenfësch, Blénkerten an vereenzelt Kaarpen an Karauschen ass Riets gaangen. Am Endeffekt war et awer den Katzenfësch den Fësch, deen zu 95 % gefaangen ginn ass.

Mir sinn als Équipe schonns Samschdes vun Lëtzebuerg aus ob Porto geflunn vun wou aus mir mat Locatiounsween weider ob Amieiro gefuer sinn wou eist Quartéier war. Geschir ass mat engem portugiseschen Transporteur erof geschéckt ginn.

Fëscher woren dëst Joer den Thinnes Mike, Thinnes Luc, Tarayre Alain, Weber Marc, Conrady Pit an ech selwer. Trainer wor den Erny Wagner an als Offiziellen wor den Schmidt

Roland mat. Zousätzlech als Ënnerstützung konnten mer nach ob den Steffen Mike zeréckgräifen. Weider Supporteren woren dem Alain seng Mam, Anny, an den Raach Valentin mat sengem Bouf dem Maik.

Wéi ëmmer ass vun Méindes bis Freides an deenen eenzelnen Boxen trainéiert ginn. Sou hunn mer och probéiert all Dag nei Erkenntnisser ze sammelen fir eben den Katzenfësch besser kënnen ze fänken. Eis Eenheeten woren awer zimlech durchwues. Dann huet mol een an der Équipe gutt gefaangen an et huet een gemengt dass deen et eraus hat. Deen Selwechten huet dann awer den Dag drop iwwerhaupt näischt méi fäerdeg bruecht ouni eppes awer geännert ze hunn.

Den Kanal, dat muss een och soen, war mat ganz vill Kraut befall, an zwar op allen Distanzen. Souguer wann een mat der Match Staang ob 35 Meter gefëscht huet, konnt et sinn dass een beim Zeréckzéien, virun allem wann een en Fësch um Krop hat, dessen dann am Kraut verluer huet. Ufanks huet et och geheescht, mir missten mat der Match Staang ob bis zu 60 Meter fëschen. Speziell Match Stöpp mat Längten vun 1,20 Meter huet een bei den Portugisen gesinn. Mir hunn awer schonns hei Heem ausgemaach dass mer Fanger vun deenen Geschichten do géifen ewech loossen well et keen Sënn mécht eppes ze fëschen wat een an sech nach ni gemaach huet.



Section de Compétition



Bericht vun der WM an Portugal 2018



Esou ass Woch an sech och nees schnell ëmgaangen ouni dass mer awer déi richteg Erkenntnisser haten wellech Taktik wuel déi richteg wier. Trotz all deenen Stonnen wou mer eis zesummen gesat hunn fir eventuell eng Léisung ze fanen. Sou koum dann och mam Samschdeg dunn deen éischten Dag vun der Competitioun.

Direkt ervir gegräff, et war an sech nach manner ginn wéi mer eis iwwerhaapt erwaart haten. Keen vun eis konnt och iergendwéi gutt eraus stiechen an sou koum et dann och dass mer no dëser Manche ob der 17ter Platz loungen. Just den Marc hat sech an der éischter Halschent vum Secteur klasséiert. Ech kann leider och elo net ob all einzelnen Fëscher agoen, well et gëtt an sech näischt Normales ze soen. Leider.

Sonndes dann, nodeem mer eis nach eng Kéier Samschdes owes zesummen gegräff hunn, sinn mer trotzdem mat der Motivatioun bei d' Waasser gefuer fir villäicht mol en puer Platzen no fir ze kommen. Ech selwer hat meng Platz dem Alain gelooss well ech einfach kierperlech an geeschtlech esou midd war fir nach een Dag wëllen unzetrieden. Déi däitsch Kollegen soen ëmmer: Gesagt, Getan. Mee och den

zweeten Dag sollten mer net vill besser sinn. Eng Platz no fir sinn mer just nach am Klassement geréckelt, also 16te am Endklassement. An dat ënner 22 Équipes. Mir woren eis an der Équipe all zesummen eens, esou net. Do muss an Zukunft eppes geschéien. Mir wëssen awer dass en gutt Resultat net nëmmen alleng vum Fëscher ofhänkt. Mee dozou méi spéider nees doheem.

Wéi gesot 16te Platz ënner 22 Natiounen, den Marc an sech als 45ten den beschten Lëtzebuerger. Déi aner Resultater well ech elo hei net ernimmen well se net gutt waren. Mir sinn eis awer all sécher, den Spaass an Passioun zu eisem Hobby wäerten mer all weider beim Waasser deelen, an no engem schlechten Joer kennt och sécher nees en Bessert. Mat neien Ideeën an Strukturen wäerten mer dëst och hin kréien. Dofir brauchen mer awer och Leit die eventuell bereet sinn eis ze ennerstetzen, ob finanziell oder och beim Waasser.

Wéi ëmmer zum Schluss en Merci un all déi wou eis ëmmer hëllef. Sponsoren vun der Sektoun, Fishing World an Aqua Zoo Pêche. Leit déi den Fëscher mat engem Don ob hirer Lescht eppes ginn. Dem Schmidt Rol an den Steffen Mike, ganz Woch ëmmer eng Hand ugepaakt. Dem Anny wat oft den Café preparéiert huet an beim Spullsteen stoung. Den Erny, ech mengen do brauch een net méi vill ze soen. Mir sinn frou dass mir hien hunn. Zu gudder Lescht nach en Merci un Équipe. Mir hunn eis trotz dem Mësserfolleg weider drun gerappt an ech sinn mer sécher dass et och nees en Stéck no uewen wäert goen an dem nächste Joer. Mat neien Strukturen déi mer schafen wäerten bis nächste Saison wäert ons dat geléngen.

Fernand Schmitt